de pefferkär

D'Alternativ fir Är Stad Lëtzebuerg

Gemengewalen 2017

adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Lëscht 7

Marceline Goergen: "Fir lech, weider am Gemengerot!"

Als éischt e Merci un déi Wieler, déi mir 2011 hir Stëmm ginn hunn. Ech war 2011 en onbekannt Gesicht ënner 27 Kandidaten. Elo si mir 2017 an d'Gemengewale stinn erëm virun der Dier. An de leschte Joren hunn ech däerfen är Interessien am Gemengerot vertrieden an hoffen, datt Dir mir och weiderhinn äert Vertrauen den 8.Oktober mat ärer Stëmm gitt.

Et war net ëmmer einfach déi politesch Sturheet, déi d'Majoritéit dacks gewisen huet, ze verstoen an ze erdroen. D'Arbecht am Gemengerot ass ëmmer villfälteg an interessant. Dem Conseiller seng Aarbecht ass et dofir ze suergen, datt eise Patrimoine, eis Finanzen, eis Liewensqualitéit an eist zesummeliewen en „bon père de famille"geréiert gëtt.

Dowéinst hoffen ech datt ech weider däerf är Interessien nom 8. Oktober 2017 vertrieden.

Eis Stad däerf net an d'Onendlechkeet wuessen, well soss verléiert se nach méi u Liewensqualitéit. Fir datt eis Stad nees méi Liewenswäert gëtt, muss d'Sécherheet vum Bierger erëm hiergestallt ginn an déi Mobilitéit muss iwwerduecht ginn.

Et ass einfach Parteipolitik ze maachen, mä dat ass awer net de Wee op deen d'ADR wéllt goen. Méi schwéier ass et, Gemengepolitik esou ze maachen, dat se dem Bierger vun Notzen ass.

Wann Dir mat menger Aarbecht zefridde sidd, dann ënnerstëtzt mech an meng Partei e Sonndeg mat ärer Stëmm. **Den 8 Oktober: ADR, Är Alternativ an eiser Stad !!!**

Är Gemengeconseillère
Marceline Goergen

«M'engager à votre service au conseil communal»

Tout d'abord, un merci aux électeurs qui m'ont donné leur voix en 2011, alors que j'étais une inconnue parmi 27 candidats.

Nous sommes désormais en 2017, à quelques jours des élections communales. Ces dernières années, j'ai eu l'honneur de représenter vos intérêts au sein du conseil communal et j'espère que vous me renouvellerez votre confiance le 8 octobre.

Il n'a pas toujours été facile de comprendre l'entêtement politique trop souvent mis au grand jour par la majorité, ni de la supporter. Cependant, le travail effectué comme conseillère communale comporte de multiples facettes et est toujours intéressant. Le conseiller communal a pour mission de veiller à ce que le patrimoine, les finances, la qualité de vie et le vivre ensemble soient gérés «en bon père de famille».

Pour ces raisons, j'ai bon espoir de pouvoir continuer à veiller au respect de vos intérêts après le 8 octobre 2017.

La Ville de Luxembourg ne doit pas connaître une croissance infinie, sinon la qualité de vie continuera à s'y dégrader. Pour assurer cette qualité de vie, la sécurité de ses habitants doit être rétablie et le concept de la mobilité doit être revu. Il est facile de faire de la politique partisane mais ce n'est pas la voie empruntée par l'ADR. Il est plus difficile de gérer la politique communale en respectant les besoins des citoyens.

Si vous êtes satisfaits de mon travail, soutenez-moi et mon parti dimanche avec vos voix. **Le 8 octobre: ADR, votre alternative pour notre Ville de Luxembourg.**

Votre conseillère communale,
Marceline Goergen

Inhaltsverzeechnes

Editorial Marceline Goergen
Säit 1

E Fong fir 1.500 sozial Wunnengen
Hëllefen fir Proprietär ze ginn
Parkingen, nëmme fir déi Räich?
Säit 2

6 Prioritéiten fir d'Stad
Keng Autofräistad mat der ADR!
Logements à prix abordables
Qualité des itinéraires pour piétons?
Säit 3

An d'Zukunft vun eise Kanner investéieren!
Cyclistes en danger
Gratuité dans les bus
Schantercher am Neiduerf
Säit 4

PAG: keng Zukunft fir eis Senioren!
PAG: copie à revoir
De Patrimoine respektéieren
Schëttermarjal: alles zoubetonnéieren?
Säit 5

Keng Erhéijung vun den Taxen!
Nee zur Vëlosbréck iwwert d'Néiduerf
Waasser: 30 Fudder pro Joer a pro Kapp gratis
Säit 6

Lëtzebuerger Sprooch = Integratioun
Luxembourgeois = instrument de l'intégration
Richteg wielen
Mëmber-Formular
Säit 7

Eis Kandidate fir d'Stad Lëtzebuerg
Säit 8

De Picky mengt:

Wa schonns knäipen...

... dann oppasse bei wiem!
(Norbert Hofer, Präsidentschaftkandidat FPÖ)

Hëllefe fir Proprietär ze ginn

D'Stad Lëtzebuerg muss och de Bierger hëllefen, besonnesch de Familljen, deenen hier Revenuen iwwert der Limitt leien wou se vun den Hëllefe fir de soziale Wunnengsbau benefisséieren.

Ënner bestëmmte Bedéngungen (z.B. fir Kanner, deenen hir Elteren an der Stad wunnen, wa Leit zanter enger gewësser Zäit an der Gemeng wunnen oder schaffen, bei Veränderunge vun der Familljesituatioun), déi an engem Gemengereglement festgeluecht ginn, hëlleft d'Stad Lëtzebuerg dëse Leit fir Proprietär ze ginn. Dëst beispillsweis iwwert de Wee vu Bankgarantien a bei der Acquisitioun vun engem Terrain.

Portage foncier

Et mussen och um kommunale Plang Mesure geholl ginn, fir d'Präisser um Maart zumindest ze stabiliséieren. Dozou gehéiere méi schnell Prozeduren (woubäi awer d'Rechter vun den Noperen musse respektéiert ginn), an d'Stad soll keng Fuerderunge stellen, déi iwwert déi schonns ze drastesch Norme vum Staat an Europa eraus ginn.

Do wou d'Stad nach eegen Terraine kann zu Verfügung stellen, soll dëst wa méiglech iwwert de "Portage foncier" geschéien. Dobäi gëtt de Bauterrain fir e symbolesche Betrag verlount, de Kafpräis gëtt eréischt fälleg, wann de Bau vum Haus bezuelt ass.

E Fong fir 1.500 sozial Wunnengen!

D'Awunnerzuel an der Stad wiisst stänneg. Wat feelt, si Wunnengen zu engem vernënftegem Präis, esouwuel fir Kanner déi an der Stad grouss gi sinn an sech keng eege Wunneng kënne leeschten, wéi och fir déi vill Leit déi an d'Stad schaffen kommen a dofir oft wäit a laang Weeër mussen zréck leeën! En héijen Europabeamte ka sech vläicht eng Wunneng um Kierchbierg leeschten. Wéi ass awer mat der Caissière aus dem Supermarché, oder engem Kach aus engem vun de ville Brasserien?

Dobäi verfüügt d'Stad aktuell iwwer ronn 800 Milliounen Euro Reserven, wat ongeféier de Recettë vun engem Joer entsprécht. D'ADR-Stad schléit dowéinst vir, 400 Milliounen aus de Reserven an e Fong ze placéieren. Dësen neie Fong huet als eenzegt Objektiv, de Wunnengsbau an der Staat nei ze orientéieren: vill méi Sozialwunnengen, vill méi Wunnenge fir ze lounen, vill méi Wunnengen zu moderate Präisser!

140 Logementer um Grossfeld zu Gasperech

Eng vun den éischte Missioune vum neie Fong ass et, fir d'Wunnengen opzekafen, déi bei den neie Projeten entstinn (10% vun de Wunnengen, wann op méi wéi engem Hektar gebaut gëtt, Gesetz "Pacte Logement"). Ee Beispill: eleng um Deel "Grossfeld ZM Sud" um Bann vu Gaasperech si bis zu 1.386 Wunnenge geplangt! De Fong, deen d'ADR proposéiert an d'Liewen ze ruffen, kann do also do ronn 140 Wunnengen opkafe fir ze verlounen, zu de Konditioune vum soziale a bezuelbare Wunnengsmaart.

Och um Kierchberg, zu Hollerech, Zéisseng...

Och bei de ville Projeten um Kierchbierg, duerno op der Porte de Hollerech, zu Zéisseng... an op villen anere Plaze méi soll de Fong déi 10 % Wunnengen opkafen an zu sozialen a moderate Präisser verlounen.

De Fong soll och d'Méiglechkeete kréien, fir sëlwer Residenzen oder Reienhaiser an der Stad Lëtzebuerg ze bauen, an Zesummenaarbecht mat der Privatwirtschaft, nom Modell vum "Design and build" (den Entrepreneur plangt a baut, op der Basis vun engem "Cahier des charges"). En Deel vun dëse Wunnenge muss och u Leit goen, deenen hiert Akommes e bëssen iwwert de Konditioune vum soziale Wunnengsbau leit. De Fong wär de Propriétair vun den Terraine fir de "portage foncier" a kéint alternativ Wunnprojeten ënnerstëtzen.

Mat 400 Milliounen Euro - ouni weider Kreditter, Hëllef vum Staat (75% bei sozial Wunnengen) a Recetten iwwer de Loyer – kéint de Fong banne kuerzer Zäit méi wéi 1 400 Wunnenge fir de soziale Wunnengsmaart a fir Locatioun zu verstännege Präisser zur Verfügung stellen!

Dëst ass eng ganz konkret ADR-Propositioun fir d'Lag um Wunnengsmaart däitlech ze verbesseren!

Parkingen, nëmme fir déi Räich ?

Ënnert "Parkraummanagement" versteet de Blo-Grénge Schäfferot, datt nach manner Parkplazen an de Residenzen a Büroen däerfe gebaut ginn. Dëse Konzept weist schonns haut seng Konsequenzen! RTL huet, am Dezember 2016, eng Annonce vun atHome.lu virgestallt, wou e Parking (eng eenzeg Plaz!) ënnert dem Forum Royal fir 225.000 Euro ugebuede gëtt! Mam Auto däerfen ze fueren an an der Stad ze parken, dat gëtt mat der aktueller Majoritéit zu engem Privileeg fir déi Räich!

Déi Gréng an hir Schäffin Sam Tanson verfollegen e kloert Konzept: d'Autoen hunn an der Stad Lëtzebuerg näischt verluer! Esou däerf z.B. an de neie Residenze nëmmen eng Parkplaz méi pro Appartement gebaut ginn. Och d'Zuel vun de Parkplazen am Verhältnis zu de Bürosplazen oder Verkafsfläche geet drastesch erof! De Präis vun de Parkplaze geet dowéinst drastesch erop.

D'ADR verlaangt, datt méi Parkplaze besonnesch a Residenzen erlaabt ginn. Vill Familljen brauchen nun eemol méi wéi een Auto. D'ADR wëllt keng Stad, wou nëmmen nach déi Räich sech eng Wunneng – mat oder ouni Parkplaz – leeschte kënnen, an d'Mëttelschicht an déi Mannerbemëttelt sech an iwwerfëllte Bussen erëm fannen.

Keng autofräi Stad mat der ADR!

Vu wat dreemt de Gréng-Bloe Schäfferot 364 Deeg am Joer? Vun enger Stad Lëtzebuerg ouni Autoen. Den 365. Dag ass autofräie Sonndeg. An op dem Dag gëtt dann e Stau um Boulevard Royal organiséiert.

De Geck am Eck: de Schäfferot huet Honnertdausenden Euroe fir Etüde bezuelt: fir e Vëloskonzept, e Foussgängerkonzept an eng ganz Rei fir den ëffentleche Verkéier.

Wat feelt, ass e Konzept, wéi a wou d'Autoen nach an d'Stad eran an eraus kommen, a wou een dës ka Parken. D'ADR huet oft e Konzept fir d'Autoe gefuerdert, méi genee e Gesamtkonzept fir d'Mobilitéit, deen op d'Bedierfnesser vum Foussgänger, vum Vëlosfuerer, vun de Passagéier an de Busse wéi och op déi vun de Motocyclisten an Automobilisten ageet.

De geplangte Chaos

Domadder stéisst ee beim Schäfferot, a ganz besonnesch bei der Im-Mobilitéitsschäffin, ëmmer nees op daf Oueren! Et huet en d'Gefill, de Chaos op de Stroossen an der Stad ass Deel vun engem Plang, deen als Zweck huet, d'Automobilisten esoulaang ze schikanéieren, bis se vum selwen den Auto stoe loossen... oder e grousse Bou ëm d'Stad maachen.

Déi Verantwortlech fir dës Chaos sollen net soen, si hätten et net gewosst! An enger Etüde vun den Ingenieursbüroen IVV a Schroeder & Associés, aus dem Joer 2010, ginn eng Rei Kräizungen (mat der Avenue Marie-Thérèse, um Rond-Point Schumann, op der Bréisseler Plaz) esou beschriwwen: "Die Nachfrage ist grösser als die Kapazität. Die Fahrzeuge müssen bis zu ihrer Abfertigung mehrfach vorrücken. Der Stau wächst stetig. Die Wartezeiten sind extrem lang. Die Anlage ist überlastet".

E gesamt Mobilitéitskonzept

Wéi de Verkéier an Zukunft op de Stäreplaz soll ausgesinn, déi als Bus- an Tramsgare ("pole d'échange") ëmgebaut gëtt, an dobäi de Stroosseverkéier mam Norden (iwwert de Rollengergronn), mam Westen (Arelerstross) a vum Westen (iwwert d'Rout Bréck) vum Land misst meeschteren, doriwwer äusseren d'Ingenieuren sech léiwer net...

D'ADR Stad verlaangt, ier et mat de Schanteger ëm den Tram weidergeet, e gesamt Mobilitéitskonzept deen all Verkéiersmëttele berécksiichtegt, a kloer Verkéiersachse festleet, esou wuel fir den ëffentleche Verkéier wéi fir den Individual Verkéier.

6 Prioritéiten fir d'Stad

1. **Bezuelbart Wunnen: d'ADR huet konkret Solutiounen z.B. fir méi wéi 1500 zousätzlech Sozialwunnengen unzebidden.**
2. **D'Recht op e Liewen an Sécherheet ass e fundamentaalt Recht vum Bierger. Mier fuerderen eng seriéis Policepräsenz am ëffentleche Raum.**
3. **Ee Verkéiersmëttel däerf net weider géint all déi aner ausgespillt ginn. Mir wëlle keng autofräi Stad!**
4. **Famillje mat Kanner brauchen beschtméiglech Ënnerstëtzung. Nieft schéine Spillplaze muss d'Schoul an d'Maison relais optimal Konditioune bidden.**
5. **D'Lëtzebuerger Sprooch ass dat wichtegst Mëttel zur Integratioun. D'Stad muss mam gudde Beispill virgoen, z.B. mat Broschüren, de Formulären an um Internetsite.**
6. **D'ADR well eng liewenswäert Stad. Dozou gehéiert och eng propper Stad wou den ëffentleche Raum net duerch Graffiti a Pechbiller verschampeléiert gëtt oder d'Leit belästegt ginn.**

Logements à prix abordables

L'ADR s'engage à favoriser l'accès à des logements à prix abordables pour tous. La Ville de Luxembourg ne cesse de croître, en nombre d'habitants et plus encore en nombre d'emplois. Ceci suscite une très vive tension sur le marché du logement, tant pour la location que pour l'emploi. De surcroît, le nombre de logements dits sociaux est très limité.

La Ville dispose d'un surplus financier de 800 millions d'euros, ce qui correspond au budget d'une année entière. L'ADR propose de mettre la moitié de cette somme dans un fonds dédié à l'acquisition de logements sociaux. Ce fonds servira notamment à l'acquisition des 10% de logements sociaux que les promoteurs doivent proposer lors de la réalisation de projets immobiliers sur plus d'un hectare. Il pourra également lancer ses propres projets de construction de logements, le cas échéant en partenariat avec les entreprises du secteur privé.

Du concret: 1.500 logements sociaux

Ainsi, plus de 1.500 logements sociaux supplémentaires pourraient entrer dans le patrimoine de la Ville à court et moyen terme. La mise en location de ces appartements, dans le cadre de la législation sur logement à prix abordable, aura également pour effet de stabiliser les prix sur le marché privé.

L'ADR plaide également pour des mesures concrètes permettant aux personnes à accéder pour la première fois à la propriété, notamment pour les enfants dont les parents habitent la Ville de Luxembourg ou dans les situations familiales où les personnes habitent ou travaillent déjà depuis quelque temps dans la commune. La Ville de Luxembourg doit par exemple prendre en charge des garanties bancaires et de faciliter l'acquisition de terrains par le biais du portage foncier (le terrain est fourni en une première étape à un prix symbolique, l'achat du terrain à bâtir n'intervenant après avoir remboursé l'emprunt pour la construction).

Qualité des itinéraires pour piétons ?

La Ville de Luxembourg a dépensé 56.500 euros pour une «étude sur la qualité des itinéraires pour piétons». La mise en œuvre de mesures simples, même sans études coûteuses, pourrait nettement simplifier la vie des piétons, des personnes en chaise roulante et de parents poussant un landau. L'ADR exige la taille des haies envahissant les trottoirs, que la ville évite de placer des obstacles sur les trottoirs déjà trop étroits et que les chantiers ne condamnent pas les piétons à errer dans un labyrinthe.

Boulevard d'Avranches

Rue des Bains

Rue de l'Eau

De Picky mécht sech Suergen:
Ojeeminee! An all déi, déi d'CSV net wielen, mussen déi stierwen?

Cyclistes en danger

Dépenser ces centaines de milliers d'euros pour un « concept vélo » c'est bien, aménager des pistes cyclables sûres, avec des voies séparées matériellement de la circulation des bus et des autos serait mille fois mieux ! L'ADR exige, dès lors que l'on aménage de telles pistes, qu'elles le soient aux normes exigées par les associations de cyclistes, telles la LVI. L'ADR s'oppose aux pistes « alibi », constituées par un trait et un peu de couleur sur la chaussée, qui procurent au mieux un faux sentiment de sécurité, mais qui en réalité mettent la vie des cyclistes en danger.

Gratuité dans les bus !

Depuis de nombreuses années, l'ADR exige d'une manière générale la gratuité dans les transports publics au Grand-Duché. Étant donné que, suite notamment au chantier Royal Hamilius, les autobus dans la Ville de Luxembourg sont souvent bondés et que la qualité des transports publics y est nettement dégradée, l'ADR exige l'application immédiate de la gratuité sur le réseau des Autobus de la Ville (AVL). Cette gratuité étant déjà appliquée le samedi, rien ne s'oppose qu'elle soit étendue sur l'ensemble de la semaine.

An d'Zukunft vun eise Kanner investéieren

D'Zuel vun de Schoulkanner an der Stad klëmmt all Joer an trotzdeem stagnéiert d'Zuel vum Personal am Enseignement, dat doriwwer eraus nach zousätzlech Aufgaben iwwerhuele muss. Dës Aschränkungen hänke wuel an éischter Linn mam nationale Schoulgesetz zesummen. Iwwert de "Kontingent" kritt d'Stad en bestëmmten Zuel vu Stonne fir d'Enseignanten zougedeelt, a muss dann domadder eens ginn.

Bei all Schoulorganisatioun bedaueren all Parteien dësen Zoustand a kritiséieren, datt de Educatiounsminister an dësem Punkt net mat sech schwätze léisst. D'Conseillère Marceline Goergen fuerdert, datt déi politesch Sturheet endlech en Enn kritt an huet op d'Hypokrisie vun deenen anere Parteien higewisen.

Manner Kanner pro Enseignant

D'ADR huet schonns jorelaang de blo-grénge Schäfferot opgefuerdert, fir dem Minister déi prekär Situatioun vum Kontingent vun der Stad Lëtzebuerg duerzeleeën. Am Mee 2017 huet den Deputéierte Fernand Kartheiser eng Motioun an der Chamber deponéiert fir de Kontingent vun de Stonne pro Schüler eropzesetzen, also fir Klassen mat manner Schüler pro Enseignant. D'DP, d'LSAP, Déi Gréng an déi Lénk, déi sech am Gemengerot iwwert de Kontingent bekloen, hu bei der d'Motioun vun der ADR an der Chamber awer mat Nee gestëmmt! An d'CSV huet sech enthalen.

Do gesäit een d'Dopplezüngegkeet vun deene Parteien. Et ass schlechte Wëllen a politesch Sturheet, nëmme mat Neen ze stëmmen, well d'Léisung vun der ADR virgeschloe gëtt! Dëst ass ëmsou méi ze bedaueren, wëll dës politesch Spillereien um Réck vun de Schoulkanner a vum Léierpersonal ausgedroe ginn.

Mei Educateure pro Schoulgebäi

Wann am Ament um nationale Plang an am Ministère blockéiert gëtt, da verlaangt d'ADR, datt op d'mannst mei para-schoulescht Personal fir déi verschidde Schoulgebäier an der Stad agestallt gëtt, an dëst vun der Stad bezuelt gëtt: Educateuren, Infirmièren do wo et néideg ass fir Kanner mat spezifesche Besoine korrekt ze betreien a kulturell Mediateure fir auslännesch Kanner besser a méi séier ze integréieren. Weider bedauert d'ADR, datt et nach ëmmer Waardelëschte gëtt fir Kanner Mëttes an Nomëttes an d'Foyeren opzehuelen.

D'Stad huet eng méi wéi gesond finanziell Situatioun. **Dofir verlaangt d'ADR: als alleréischt an eis Kanner investéieren!**

Neiduerf: eng Kettereaktioun vu Schantercher, Liewensqualitéit zanter Joren null!

PAG: keng Zukunft fir eis Senioren!

Vill Aarbecht ass an den neie PAG (allgemenge Bebauungsplang) vun der Stad gestach ginn. Leider huet et u politeschem Wëlle gefeelt, fir aus dem PAG en effektive Plang ze maachen deen an d'Zukunft weist, an dëst och fir déi eeler Matbierger.

Den Haaptgrond, wisou d'ADR de PAG net matgestëmmt huet, ass dat néierens um Plang nei Zone reservéiert gi si fir Alters- a Fleegeheemer! Dobäi sinn déi bestoend Strukturen, déi an der Stad Senioren ophuelen elo schonns voll, an et besti vill ze laang Waardelëschten.

D'ADR kann net novollzéien, datt an der räicher Stad Familljen ausenaner gerappt ginn, wann Elteren oder Grousselteren an en Alters- oder Fleegeheem musse goen, well se an de Strukturen an der Stad keng Plaz fannen. Et däerf net sinn, datt e Mënsch, deen net méi hei an der Stad doheem gefleegt ka ginn, an enger Geriatrie iergendwou am Land „tëschegelagert" muss ginn ier eng gëeegent Plaz no bei der Kanner oder Enkele fräi gëtt.

Et ass traureg, datt de Blo-Grénge Schäfferot, deen dëser Deeg esouvill Prestigeprojeten aweit, sech keng Gedanken iwwert nei Strukture fir eis eeler Matmënsche mécht.

De Patrimoine respektéieren

D'ADR bedauert, datt ënner anerem beim Opstelle vum PAG, de Remarken a Suggestioune vum Sites et Monuments nëmme ganz wéineg Rechnung gedroen ginn ass. Ganz vill Objeten, wéi zum Beispill d'Synagogue, sinn net geschützt ginn. Dëst wéist eemol méi, wéi wéineg Gedanke sech de Schäfferot em de Patrimoine vun der Stad mécht. D'Bierger hu missen op d'Strooss goen, d'Haus Bourg-Gemen um Lampertsbierg oder d'Wichtelhaus zu Beggen virum Bagger ze retten. Bei aner schützenswäerten Häiser war de Bagger méi schnell: ier déi betraffe Kommissioun konnt säin Avis ofginn, loung d'Haus am Koup. Dank de Beméiunge vun de Beggener Leit an der ADR ass d'Wiichtelhaus zu gudder lescht dach op d'Lëscht vum "inventaire supplémentaire" komm.

Wiichtelhaus zu Beggen

Schëttermarjal: alles zoubetonnéieren ?

Um Enn vum Kierchbierg huet sech en aussergewéinleche Biotop entwéckelt, mat seelenen Déieren a Planzen. Dobäi läit de Schëttermarjal an enger Sakgaass, an ass schlecht un den ëffentleche Verkéier ugebonnen. An dach muss hei zoubetonéiert ginn! Wunntierm mat bis zu 10 Stäck fir 455 Wunnengen? Dem Schäfferot geet et duer, e bësse Grénges mat "Servituden" ze "schützen".

D'ADR schléit vir, Terrainen déi Promoteuren hei hunn ze tauschen, an dat ganzt Areal am PAG als Grénzgzon ze klasséieren.

Froen? Ureegungen! Matschaffen!

Hutt Dir Froen oder Ureegungen oder wëllt Dir bei ons aktiv matschaffen, dann zéckt net a rufft un, ënner der Nummer:

+352 26 20 37 06

Collaborer! Questions? Propositions!

Vous avez des questions ou propositions ou vous voulez vous engager activement dans notre parti? N'hésitez pas et contactez-nous sous le numéro:

+352 26 20 37 06

PAG: copie à revoir

La Ville de Luxembourg, dans un travail herculéen, a révisé son «plan d'aménagement général». Hélas, par manque de volonté politique, ce PAG ne contient aucune vision d'avenir et s'est largement contenté de copier les plans précédents.

L'ADR déplore notamment l'absence de définition des ratios raisonnables entre le nombre de logements et celui des emplois, pour la ville et par quartiers. Par ailleurs, ce PAG n'a pas été complété par un concept d'ensemble pour la mobilité. C'est ainsi que le futur «boulevard de Merl», indispensable pour alléger la circulation, n'apparaît qu'en pointillés.

A peine voté, le PAG est déjà dépassé. Le collège échevinal a «oublié» de reclasser l'emplacement du stade Josy Barthel et de l'ancienne caserne des pompiers, alors que le nouveau stade de football et la future caserne pour les services de secours sont en construction!

Avant d'échafauder les plans pour les futurs logements à la route d'Arlon, il faudra reclasser la zone concernée. Quitte à se plaindre des trop longues procédures!

De Picky erënnert sech:
D'Sozialistesch Aarbechterpartei ass d'Partei vu gëschter. An et stëmmt: spéitstens iwwermuer gëtt d'LSAP net méi gebraucht.

De Picky seet:

Gréng wierkt... ganz besonnesch am Portmonni, z.B. mat vill Erhéijunge vun den Taxen, sou wéi fir d'Dreckskëschten. Oder mat méi héije Präisser fir den ëffentleche Verkéier. Am Land an an der Stad.

Nee zur Vëlosbréck iwwert d'Néiduerf

D'ADR ënnerstëtzt den Awunner aus dem Neiduerf hir Revendicatioun, keng Vëlosbréck iwwert hire Quartier ze bauen. Bei dëser Verbindung, vum Zens op de Kierchbierg geet d'Käschten/Notze Relatioun kenges falls op. De Schäfferot schéngt beim Bau vum Lift an de Pafendall, dee mat Jore Verspéidung fäerdeg ginn ass, an um Ënn 9,3 Milliounen Euro kascht huet, näischt bäigeléiert ze hunn. Et kann net sinn, datt wéinst enger passionéierter Vëlosfuererin aus dem Schäfferot Prestigeprojete lancéiert ginn, dëst géint de Wëlle vun de Bierger déi dovunner direkt betraff sinn. Esouguer dann net, wann et an engem Koalitiounsvertrag festgehale ginn ass.

Keng Breck am Neiduerf

Keng Erhéijung vun den Taxen!

D'Stadt Lëtzebuerg verfüügt iwwer e confortabele Budget an huet eng finanziell Mouk vu ronn 800 Milliounen Euro, wat den Ausgabe vun engem ganze Joer entsprécht. Dat geet duer fir vill Prestigeprojeten ze finanzéieren. An trotzdeem léisst de Schäfferot seelen eng Geleeënheet aus, fir d'Taxen ze erhéijen an esou dem Bierger méi déif an d'Täsch ze gräifen.

Ee Beispill: als éischt ginn d'Präisser vun Zuch a Bus (och déi vum AVL) erop, da gëtt dat als Virwand geholl, fir d'Präisser vum Parking ëm 33% ze erhéijen. Esou geschitt am Februar 2013.

D'Stad Lëtzebuerg ass déi eenzeg Gemeng am Land, an där eng Reewaassertax agefouert gouf! Dat kléngt net gutt, dowéinst ass se an "taxe de scellement des sols" ëmgedeeft ginn. Dës Tax bréngt ronn 7,7 Milliounen Euro d'Joer eran!

Och Dreck kann een zu Geld maachen. Esouguer wann de Bäitrag vun der Stad Lëtzebuerg am SIDOR (Gemengesyndikat deen d'Müllverbrennungsanlag exploitéiert) erof gaangen ass, da verhënnert dat net, datt d'Tax fir déi schwarz Dreckskëschten an d'Luucht geet. 2016 ass de Präis fir en Dreckskëscht vun 80 Liter 1 mol d'Woch eidel ze maache vun 150 op 160 Euro erop gaangen.

Dreckeg gesäit et aus fir d'Leit, déi duechte mat der bronger Dreckskëscht sech an der Ëmwelt e gudden Déngscht ze leeschten: hei gouf d'Gratuitéit carrement gestrach. Och wann de Präis vun 30 Euro d'Joer fir d'eidel machev vum Bac vun 120 Liter symbolesch ausgesäit: e si richteg Suen, an et ass virun allem dat falscht Signal.

D'Dreckstut vu 60 Liter ass vun 1,95 Euro op 4 Euro erop gaangen! Dëst anscheinend fir d'Bierger ze "incitéieren", säin Dréck besser ze sortéieren.

165 Euro d'Joer si fälleg, wann de Service d'Hygiène d'Dreckskëscht – op schwarz oder brong – eran an eraus hëlt. Dës Taxe muss fir eeler Leit gratis sinn!

D'ADR engagéiert sech, wéinst der gudder Budgetslag, déi nächst 6 Joer géint all Taxenerhéijung am Gemengerot ze stëmmen!

Waasser: 30 Fudder pro Joer a pro Kapp gratis

Waasser ass ee fréier selwer un eng Quell siche gaangen. Haut dréint een de Krunn op. Proppert Waasser as e Grondbedierfnes fir all Mënsch. Allerdéngs ginn d'Quellen ëmmer méi belaascht, a parallel sinn ëmmer méi streng Norme festgesat ginn, wat zur Erhéijung vun de Präisser bäidréit. Dat ass net d'Schold vun all Mënsch, awer all Mënsch muss haut fir déi deier Filteranlage bezuelen.

D'ADR setzt hei un an zwar mat enger sozialer Approche. D'ADR fuerdert, datt fir all Stot pro Kapp fir d'éischt emol 30 Fudder (30.000 Liter) Waasser am Joer gratis sinn. Fir de Waasserverbrauch, deen doriwwer eraus geet, gëtt d'Tax progressiv gestaffelt. Dee Sockel vum Gratis-Waasser geet ongefëier duer fir de Joresverbrauch fir d'perséinlech Hygiène ze decken. Wat elo am Stot nach ufält fir Kachen a Botze kascht e vernënftege Waasserpräis.

D'ADR ass géint Dirigismus iwwert de Portmonni: mir sinn do fir dem Bierger ze hëllefen, an net fir de Bierger mat deieren Taxen ze strofen. Dat gëllt och beim Waasserpräis.

Dir fannt ons Politik gudd?
Notre politique vous plaît?
Dir wëllt ons ënnerstëtzen?
Vous aimeriez nous soutenir?
Da maacht en Don!
Alors, faites un don!

Ons Konten/Nos comptes
CCPLLULL LU14 1111 0913 0730 0000
BCEELULL LU91 0019 3555 2956 6000

Merci

Walprogramm (Lëtzebuergesch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_l/

Wahlprogramm (Deutsch)
- https://adr.lu/alternativ_2017_d/

Programme électoral (Français)
- https://adr.lu/alternativ_2017_f/

Election program (English)
- https://adr.lu/alternativ_2017_e/

Programa eleitoral (Português)
- https://adr.lu/alternativ_2017_pt/

de pefferkär

Oplag: 50.000
Verantwortlech fir dëse Pefferkär
fir d'Stad Lëtzebuerg
ass d'Alternativ Demokratesch Reformpartei
22, rue de l'Eau
L-1449 Lëtzebuerg
www.adr.lu

Lëtzebuerger Sprooch = Integratioun

D'ADR ass déi eenzeg Partei, déi sech konsequent an iwwerall fir d'Lëtzebuerger Sprooch asetzt. Mir sinn iwwerzeegt, datt d'Lëtzebuerger Sprooch dat wichtegst Mëttel zur Integratioun ass. An nëmmen eng gutt Integratioun ass – op kommunalem wéi och op nationalem Niveau – de Garant fir d'sozial Kohesioun.

Fir déi vill Leit, déi nei an d'Land wunne kommen, ass d'Stad Lëtzebuerg déi éischt Plaz, wou si mat enger Administratioun a Kontakt kommen. D'Stad Lëtzebuerg huet hei eng ganz besonnesch Verantwortung! Dowéinst MUSS am Bierger-Center schonns e kloert Zeeche gesat ginn, dat vermëttelt: Lëtzebuergesch ass d'Sprooch vun dësem Land!

Net Hôtel de Ville mee Stadhaus

Mir hu keen "Hôtel de Ville". D'Lëtzebuerger hunn e „Stadhaus"! An de Formulairen an Informatiounsbroschüre muss d'Lëtzebuerger Sprooch als alleréischt an d'Ae stiechen. Wichteg Akten, wéi de Gebuertsschäin an de Stiefakt, mussen an eiser Nationalsprooch zur Verfügung stoen. Dëst gëllt och fir all Internetsite a Smartphone-App vun der Stad!

Mat der ADR an der Verantwortung wäerten d'Leit scho beim Aschreiwen an der Gemeng op d'Wichtegkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch fir d'Integratioun an d'Lëtzebuerger Gesellschaft higewise ginn.

Beim Umelle kréichen d'Leit och direkt

Broschüren, wéi z.B. „100 Wierder Lëtzebuergesch", ausgedeelt a géingen informéiert ginn iwwert d'Méiglechkeeten, Lëtzebuergesch ze léieren. Mir als ADR wäerten dofir suergen, datt d'Stad Lëtzebuerg gratis Lëtzebuergeschcoursen op verschiddenen Niveauen ubitt, fir Leit, déi d'Sprooch, d'Orthographie an d'Geschicht vum Land léiere wëllen. D'Aschreifgebühren fir offiziell Sproochecoursen, wéi déi vum Sproocheninstitut, ginn vun der Gemeng rembourséiert, wann de Kandidat am Unterrecht Erfolleg huet.

Auslänner, déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit kruten, sollen op der Gemeng empfaangen an am Kader vun enger Abiergerungszeremonie häerzlech begréisst ginn. Dës soll och d'Geleeënheet bidden, op d'Bedierfnesser vun den „neie" Lëtzebuerger anzegoen, esouwuel wat d'Verdéiwe vun de Lëtzebuerger Sproochkenntnesser betrëfft, wéi och wat d'Integratioun an d'Gemengeliewen ugeet.

Langue luxembourgeoise = instrument essentiel de l'intégration

L'ADR est le seul parti qui s'engage avec cohérence et partout en faveur de la langue luxembourgeoise. Nous sommes fermement convaincus que la langue luxembourgeoise est le meilleur moyen d'intégration. Seule une bonne intégration, tant au plan communal que national, est garante de la cohésion sociale dans la société.

Pour les nombreuses personnes qui viennent s'établir une première fois au Grand-Duché, la Ville de Luxembourg est le premier point de contact avec une autorité. Dans cet esprit, nous voulons envoyer un signal fort qui annonce en toute clarté : Le luxembourgeois est la langue de notre pays! La maison dans laquelle se trouve la commune, nous aimerions l'appeler « Stadhaus » au lieu Hôtel de Ville. De plus, la langue luxembourgeoise doit être prioritairement utilisée pour des formulaires et des brochures d'information.

Avec l'ADR au Conseil communal, l'attention des personnes sera attirée dès son inscription dans la commune sur l'importance de la langue luxembourgeoise comme moyen d'intégration. Lors de leur enregistrement, les personnes recevront dans la foulée une brochure, par exemple « 100 mots en luxembourgeois ». De plus, les personnes sont informées des possibilités pour trouver un point d'accueil dans la commune pour apprendre la langue luxembourgeoise.

— — ausschneiden an un d'ADR 22, rue de l'Eau L-1449 Lëtzebuerg schécken (adresser à) — — —

Gitt Member an der ADR, devenez membre du ADR!

Joresbäitrag (Cotisation): 14€, 20€ (Stot / ménage), 5€ (Schüler, Student / écolier, étudiant)

Numm, Virnumm (Nom, prénom): .....

Adress (Adresse): .....

.....

Telefon (Téléphone): .....

E-Mail (Courriel): .....

Lëscht 7

adr-

A.D.R - Alternativ Demokratesch Reformpartei

Goergen Marceline		
Reding Roy		
Alves De Sousa Christiano		
Clement Béatrice		
Daubenfeld Mario		
De Melo Diniz Vera		
De Michelis Pasquale		
Faber-Schanen Marie-Andrée		
Fuchs née Ciuca Marie-Thérèse		
Glesener Alain		
Goergen Marie-Jeanne		
Grethen Claude		
Harsch Raymond		
Jung Louis		
Jung Romain		
Jung Tessy		
Kies Christiane (*)		
Marinovic Jelena		
Muller Nadejda		
Moes René		
Nimax Albert		
Penning Alex		
Poos Jean-Paul		
Reding Felix		
Soultanova Goulnora		
Speidel Gaston		
Wickeler Mill		

(*) D'Madame Kies huet den 12. September hir Demissioun aus der Partei agereecht. Aus rechtleche Grënn ass et net méiglech eng deponéiert Lëscht ze änneren.

Richteg wielen

Dir wëllt der ADR bei dëse Gemengewalen esou gutt wéi méiglech hëllefen? Eise Walsystem erlaabt Iech dat op zwou Manéieren:

Am einfachsten a séchersten ass ët, de Krees iwwer der ADR-Lëscht schwaarz ze maachen. Esou stellt Dir sécher, datt keng Stëmm fir d'ADR verluer geet.

Wann Dir awer ee besser kennt oder besonnesch gutt fannt, kënnt Dir Ärem Wonschkandidat och zwou Stëmme ginn.

Duerno fänkt dann d'Zielen un: An de Kästecher hannert de Kandidaten kënnt Dir am ganze **27 Kräizer** verdeelen, dann hutt Dir Äre Stëmmemaximum erreecht. De Krees däerft Där dann NET méi markéieren.

adr-

D'Alternativ fir Är Stad Lëtzebuerg

Lëscht 7

Goergen Marceline
Kierchbierg

Reding Roy
Hollerech

Alves De Sousa Cristiano
Neiduerf/Weimeschhaff

Clement Beatrice
Millebaach

Daubenfeld Mario
Neiduerf/Weimeschhaff

De Melo Diniz Vera
Bouneweg

De Michelis Pasquale
Belair

Faber-Schanen Marie-Andrée
Zens

Fuchs Marie-Thérèse
Zens

Glesener Alain
Bouneweg

Goergen Marie-Jeanne
Pafendall

Grethen Claude
Pafendall

Harsch Raymond
Bouneweg

Jung Louis
Dummeldeng

Jung Romain
Bouneweg

Jung Tessy
Neiduerf

Marinkovic Jelena
Belair

Moes René
Neiduerf/Weimeschhaff

Muller Nadejda
Belair

Nimax Albert
Bouneweg

Penning Alex
Belair

Poos Jean-Paul
Zéisseng

Reding Felix
Uewerstad

Soultanova Goulnora
Märel

Speidel Gaston
Bouneweg

Wickeler Mill
Bouneweg

adr-

www.adr.lu